**PETITION ORDINAIRE 2324**

**Intitulé de la pétition:**

Petitioun fir d'Wuelbefannen an d'Gesondheet vun eise Kanner.

**Texte de la pétition:**

Gudde Moien Herr President vun der Chamber ,

Ech reechen hei eng Petitioun an fir eischtens d'Wuelbefannen an d'Gesondheet vun eise Kanner ze erheigen a fir de Schoulsystem am Cycle 1 ze verbesseren.

**1.Propose**:

Et soll een am Cycle 1 de Kanner rëm erlaben tëschent 8 an 9 Auer an d'Schoul ze kommen. Esou profitéieren, déi Kanner wou d'Elteren nach net esou frei Moies musse schaffen goen, vun hiren Elteren wat ganz wichteg fir hier Entwécklung ass.

Et verkierzt och déi gesamt Dauer, déi si an der Schoul an an der Maison Relais verbréngen. An si verbréngen méi Zäit an hirem familiären Ëmfeld, wat an den allermeeschten Fäll vun groussem positiven Impakt ass.

Déi Kanner déi schonn um 8 an der Klass sinn, profitéieren dovun dat manner Schüler an der Klass sinn an dovunner profitéiert d'Léierpersonal och a kann sech sou besser op de Bedarf vun den eenzelen Kanner konzentréieren an si individuell begleeden.

Natierlech kann a soll et Deeg ginn, wou d'Kanner mussen um 8 do sinn, wëll z.b. en Ausflug oder eng gréisser Aktivitéit um Programm steet. Dëst kann den Elteren einfach puer Deeg am viraus matgedeelt ginn.

**2. Propose**

Et soll een am Cycle 1 méi Méiglechkeeten bidden fir seng Kanner doheem ze betreien.

Et soll een kennen säin Kand een Dag an der Woch doheem halen, wann een d´Méiglechkeet dozou huet an z.B. kenger Vollzäitaarbecht nogeet.

Dat entlaascht de ganze System a jiddereen kann dovunner profitéieren. Schoulpersonal, d'Elteren an d'Kanner gewannen un qualitativer Betreiung.

Leider besteet oft de Wochenalldag aus dem dat d'Elteren hir Kanner no der Aarbecht siche ginn an dann zimmlech am Stress alles erleedegen bis et dann an d'Bett geet. Hei kann een den Elteren, déi net Vollzäit schaffen, d'Méiglechkeet ginn, een Dag an der Woch méi mat hire Kanner ze genéissen. Een Elterendeel deen zum Beispill nir Dënsdes schaffe muss, kann deen Dag mat senge Kanner verbrengen.

Et soll een am Cycle 1 de Familljen erlaben d'Kanner mol ausserhalb vun de Vakanzen aus der Schoul ze huelen. Esou muss net jiddereen wärend de Schoulvakanzen reesen an déi

ganz Wirtschaft, d'Familljen an d'Schoulen profitéieren heivunn. Et ginn Elteren déi wärend den Schoulvakanzen keen Congé kréien an déi kennen esou trotzdeem eng Vakanz mat hire Kanner verbréngen. Den Tourismus verdeelt sech besser op dat ganzt Joer an et muss och net jiddereen an d'Vakanz goen wann et iwwerall am deiersten ass. Eng Win Win Situatioun fir d`Familljen an d`Wirtschaft.

Esou kann een och de Kanner mol d'Méiglechkeet ginn während der Schoulzäit eng Woch mat den Grousselteren ze verbrengen. Do léieren d`Kanner immens vill. Mir hunn haut genuch wëssenschaftlech Studien, déi eis weisen dat et wichteg ass stressfräi Zäit an der Famill ze verbréngen.

Et kéint een eng Reegel maachen, dat z.B. de Cycle 1.1 125 Deeg am Joer schoulflichteg sinn an am Cycle 1.2 150 Deeg.

Wann zäitweis manner Kanner an der Klass sinn, profitéieren d´Kanner déi Doheem sinn vun hiren Elteren, d´Kanner déi an der Schoul sinn vun enger méi individueller Bertréiung an d´Schoulpersonal vun méi Zäit pro Kand.

Ech sinn mir bewosst dat et vereenzelt Fäll gëtt, wou d'Elteren hir Kanner doheem halen an se eventuell besser an der Schoul opgehuewen wären. Ech fannen awer dat een dowéinst net all déi Elteren kann bestrofen, déi gären Zäit mat hire Kanner verbréngen.

Ech denken dat mir kengem e Recht op d'Chancëgläichheet ewech huelen, well all Kant kann den Cycle 1 weiderhin frequentéieren wei bis elo. Ech fanne och net dat mir an de Skandinaveschen Länner, Däitschland an nach vill aner europäeschen Länner vun manner Chancëngläichheet schwätzen kënnen, well si verschidden vun dëse Flexibilitéiten ubidden.

Vill Elteren, déi keng Méiglechkeeten hunn no hiren Kanner ze kucken, wäerten hir Kanner souwisou all Dag an d'Schoul schécken, wann dëss op ass. Esou profitéieren déi Kanner vun méi klenge Klassen an d'Léierpersonal huet méi Zäit sech individuell mat jidderengem ze beschäftegen.

Dat ganzt soll och net no Loscht a Laun funktionéieren, mee et kann een z.B. eng trimesteriell Aschreiwung aféieren. Esou kann d'Léierpersonal säin Programm gutt plangen.

Et kann een och e Wee goen, dat d'Schoulpersonal am Bilan kann begrënnen wann een bestëmmten Kand net sollt d'Recht kréien eng extra Woch Vakanz ze kréien oder och keen Dag an der Woch bei den Elteren oder Grousselteren am Homeschooling dierf sinn. Denken dat dëst awer net néideg ass, vu dat mir hei vum Cycle 1 schwätzen.

An all Jugendbericht kënnt ganz kloer eraus, wei wichteg d'Famill ass an hei kënne mir de Familjen déi méi Zäit mateneen verbrengen wëllen a kënnen, dei Zäit schenken. Sécherlech sinn verschidde Kanner besser an der Schoul opgehuewen ewei Doheem. Dat sinn awer och d'Kanner déi weiderhin de Gratis Cycle 1 wäerte Vollzäit besichen. An héi soll een gerecht vis-à-vis vun deene Familjen bleiwen, déi d'Méiglëchkeet hunn hir Kanner zäitwesi Doheem ze betréien.

Laut momentanem Gestetz mussen d'Kanner 26 Stonnen pro Woch an Schoul goen. Et misst een also just d'Gesetz op eng Schoulflicht vun 20 wöchentlech qualitative Stonne änneren fir esou de Familljen méi Wuelbefannen kënnen ze bidden. Esou kéinten d'Kanner mol een Dag doheem bleiwen a villes vun hirem familiären Ëmfeld léieren. Oder och mol stressfräi Moies um 09 an d'Schoul goen. Wann mir dem Virreider an der Educatioun Finnland noginn,

déi eicht ab 7 Joer Schoulflicht hunn, maache mir mat dëser Ännerung eppes Guddes. Ech wollt och nach froen, wéi vill Wochen Schoul mussen, laut Gesetz, an engem Schouljoer gehalen ginn?

Wichteg ass et dat mir an esou engem jonken Alter Lernflicht hunn an net eng streng Schoulflicht. Wei schonn mol gesot, kann och hei individuell gekuckt ginn a wann ee Kand doheem sech net positiv entwéckelt, kann een do agräifen.

D'Welt ass an engem permanente Wandel a momentan wëllen d'Familjen rëm méi qualitativ Zäit mateneen verbréngen an e Kand wat sech doheem wuelfillt an ouni Stress an deem Ëmfeld lieft léiert permanent, dat heescht ëmmer an iwwerall.

An ech wëll betounen, dat et weiderhin méiglech ass de Cycle 1, esou ze besichen wei bis elo. Et wär just eng Optioun fir Familljen déi méi Zäit mateneen wëlle a kënne verbréngen an zesummen Neies léieren.

Eis Kanner ginn schonn frei ganz vill vun Friemen betreit. Eise Jugendbericht wéist eis awer ganz kloer, dat dëst net d'Léisung ass, déi zu selbstännegen jonken Erwuessener féiert. D'Famill ass nach ëmmer d'Schlësselelement. Et muss een deenen Elteren, wou Zäit mat hire Kanner wëllen a kënnen verbréngen, dëss Méiglechkeet ginn. Jiddereen soll déi Chance kënne notzen.

Ass an deem Sënn fir de Bien-être vum Kand ee Wëllen do vun der Regierung d'Gesetzer un de Besoin vun de Kanner unzepassen?

Ech freeën mech op e Feedback a sinn och gäre bereet op eng Entrevue zu deem Thema op de Minister ze kommen.

Mat beschte Gréiss

Harpa Rún Tordardottir

Mamm vun 3 Kanner an Diplompedagogin

Coordinatrice vun der Nordstadjugend asbl

**Dépôt:** le 29.04.2022 à 00:27
**Pétitionnaire:** Harpa Rún Tordardottir